N°4115
Entrée le 20.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.05.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Mee 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

Dräimol war eng Lëtzebuerger Stad Europäesch Kulturhaaptstad. Déi leschte Kéier war et Esch/Uelzecht, dat zesumme mat den 10 Pro-Sud Gemengen an 8 Gemenge vun der *Communauté de Communes Pays Haut Val d'Alzette*. D'Reiefolleg a wéi engem Memberstaat an/oder Drëttstaat sech d'Europäesch Kulturhaaptstad befënnt, steet bis 2033 fest. Fir déi Period duerno huet d'Europäesch Kommissioun eng ëffentlech Consultatioun iwwert d'Europäesch Kulturhaaptstied Ënn lescht Joers ofgeschloss.

Lescht Woch war an engem Lieserbréif am Tageblatt d'Iddi vertruede ginn d'Muselregioun – d'Géigend ëm d'Stiednetzwierk QuattroPole – fir 2035 als Europäesch Kulturhaaptstad virzeschloen. Dat Joer géingen d'Schengener Ofkommes hier 50. Joer feieren, genee esou wéi d'Initiativ vun den Europäesche Kulturhaaptstied.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Gëtt et am Ministère schonn eng intern Evaluatioun oder virleefeg Reflexioun iwwert d'Méiglechkeet, datt Lëtzebuerg no 2033 erëm eng Kandidatur stellt?
- Wéi schätzt de Minister d'Potential vun der Muselgéigend als méigleche Kandidat fir eng Europäesch Kulturhaaptstad an?
- Wéi eng konkret Schrëtter géing de Ministère ënnerhuelen, fir eng méiglech Kandidatur vun der Muselgéigend strukturell a strategesch z'ënnerstëtzen?
- Hu schonn aner Lëtzebuerger Stied, respektiv Gemengen oder Regiounen hiert Interessi gewisen als nächst Europäesch Kulturhaaptstad ze kandidéieren?
- Goufen et schonn Ufroen oder Echangë mat Autoritéiten aus den Nopeschlänner iwwert méiglech Partnerschafte bei der nächster Geleeënheet vun enger Europäescher Kulturhaaptstad zu Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt

Georges Engel
Deputéierten

Paulette Lenert
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu